


De Leideleng Shuttle: En innovativt Verkéierskonzept



VILL DISKUSSIONEN AM LEIDELINGER GEMENGEROT



Léif Leidelenger Bierger a Biergerinnen,

Zënter de leschte Gemengewahlen ass Zesumme fir Leideleng (ZfL) mat véier Conseilleren am Leidelenger Gemengerot vertraueden. Dofir soe mir all eise Wieler nach eng Kéier e grouse Merci.

Och wa mir kee Verrieder am Schäfferot hunn, esou triede mir weiderhin aktiv fir eis Iddien an. Net manner wéi 11 Motiounen hunn eis Conseillere bis ewell am Gemengerot lancéiert. Insgesamt krut de Schäfferot 15 schrëftlech Froe gestallt, 14 dovunner vun eise Conseilleren. An dëser Newsletter informéiere mir iech iwwer eng Rei Sujeten déi mer an deene leschte Méint lancéiert hunn. Mir wäerten an Zukunft ee Mol am Joer esou eng Newsletter publizéieren, mee op eiser Site an op eiser Facebook-Säit gitt dir méi reegelméisseg um Courant gehalen.

Am Numm vun der ganzer Equipe vun Zesumme fir Leideleng wënschen ech iech an ärer Famill eng schéin an erhuelen Summervakanz.

Lou Linster
Gemengeconseiller

Fro gestallt huet ob Lëtzebuerg iwwerhaapt nach nei Tanklagere brauch, vu datt d'Consommation vu fossillen Energië réckleefeg ass. Souguer de President vum Groupement pétrolier huet confirméiert, datt d'Petrolindustrie dës nei Tanklagere net bräicht. Et ass deemno éischer onwahrscheinlech datt d'Tanklagere an de Märelen Wisen iwwerhaapt jee realiséiert ginn. Eng gutt Noriicht fir d'Leit um Schléiwenhaff. Mir wäerte weiderhin um Dossier Ënnerféierung „Um Schass“ dru bleiwen.

Jean-Pierre Roemen

Iwwer 5000 Leit schaffen zu Leideleng, awer manner wéi 100 vun deenen notzen d'Leidelenger Gare fir op hir Aarbechtsplaz ze kommen. Jo, de staarke Verkéier ass en nationale Problem, dee mer als Gemeng eleng net geléist kréien, mee dat heescht net, datt mer näischt maache kënnen. Am leschte Gemengerot huet ZfL dofir e Konzept virgestallt fir eng direkt Navette tëscht der Leidelenger Gare an der Aktivitéitszon „Am Bann“ anzeféiere – de Leideleng Shuttle.

Dës Navette wier bedeitend méi séier an effikass wéi den aktuelle Bus 226. Si géif engersäits net zu Bartreng oder Alzeng am Stau stoen a si kéint z.B. de Feldwee Brommesheck notzen, woumadden de Risiko méi kleng wier, zu Leideleng am Stau ze stoen.

Och géif des Navette weder um Schléiwenhaff, nach am Duerf selwer Halt maachen – eng weider Zäiterspuenis. D'Leit komme just mam

ëffentlechen Transport op d'Aarbecht, wann dës séier an effikass ass.

*„Nëmmen en
attraktiven
ëffentlechen
Transport ass eng
Alternativ zum Auto“*

Fir datt och déi Leidelenger Leit eppes vun dëser neier Navette hunn, géif se tëscht 9 an 18 Auer als Ruffbus fonctionnéieren. Dës kéint genotzt gi fir Kommissiounen ze maachen, an d'Apdikt a bei den Dokter ze goen oder awer d'Sportsoffer vun der Gemeng Beetebuerg ze notzen (déi jo zesumme mat der Gemeng Leideleng organiséiert gëtt). Mir schloe vir dës Service fir 1€ den Trajet unzebidden, natierlech just fir Leidelenger Awunner.

De Schäfferot ass deenen zwou Iddie prinzipiell net negativ géigeniwwer agestallt, mee ass bis ewell net sécher ob e Ruffbus onbedéngt noutwenneg ass a wat d'Navette Gare – Am Bann ugeet, wëll een éischer d'Linn 226 optimiséieren.

*„E Ruffbus géif de
Service um Bierger
staark verbessern“*

ZfL steet weiderhin zu 100% hannert der Iddi vum Leideleng Shuttle a wäert sech dofir asetzen, datt op mannst de Ruffbus an noer Zukunft realiséiert gëtt.

Lou Linster

A senger Äntwert huet de Minister gesot, datt d'CFL schonn 2009 ugefaangen huet déi néideg Terrainen fir de Bau vun dëser Ënnerféierung ze kafen. Vu datt si sech net mat alle Proprietären eens gi sinn, ass 2011 eng Enttegnungsprozedur ageleet ginn.

De Bau kann deemno eréischt lass goen, dee Moment wou d'Verwaltungsgericht en Uerteel an dësem Prozess gesprach huet, wat zur Enttegnung vun de Proprietäre féiert. Virgesinn ass eng zweespureg Strooss an en Trottoir mat Vélospist op enger Säit ze bauen. Dat Ganzt soll 5 Meter héich ginn.

Mir si vum Schäfferot heftegst kritiséiert ginn, dofir datt mir eis an deem Dossier agesat hunn (cf. Gemengebuet N°127 Januar 2018), dëst well d'Regierung viru Joren e Projet virgestallt hat, fir op der selwechter Plaz grouss Tanklagere ze installéieren. Dem Schäfferot no géif dat eent mat deem aneren zesummen hänken an d'Ënnerféierung géif just wéinst deenen Tanklagere gebaut ginn. Mir ware schonns dee Moment der Meenung, datt déi zwou Saachen net direkt eppes mateneen ze dinn hunn.

Dobäi kennt, datt Enn Mee de Wirtschaftsminister Etienne Schneider an engem RTL-Reportage a



Am November 2017 haten d'DP-Deputéiert Max Hahn a Claude Lamberty op eis Ureegung hin eng Question parlementaire un den Infrastrukturminister

François Bausch gericht, fir nozefroe wéi et mam Bau vun der Ënnerféierung beim Lieu-dit „Um Schass“ tëscht dem Schléiwenhaff a Märel steet.



Den Internetsite vun enger Gemeng ass haut méi wie jee ee vun den effikaste Mëttele fir mat de Bierger ze kommunizéieren. Dës Kommunikatioun soll sech awer net nëmmen op eng Informatioun beschränken, mee soll sech zu engem reellen Dialog tëscht den Awunner an de verschiddene Servicer vun der Gemeng entwéckelen.

Dofir ass et vu gréisster Wichtigkeet datt de Site vun der Gemeng ëmmer à Jour ass an d'Informatiounen déi hei ze fanne sinn zu 100% fiabel sinn. Nëmme esou kann den Internetsite eng reell Plus-value fir eis Awunner bréngen. Leudelange.lu ass am Gaange moderniséiert ze ginn, dofir hu mer och eng Partie Virschléi gemaach, wéi eng nei Informatioun respektiv Tools op dee Site komme sollen.

Eis Iddie fir den Internetsite vun der Gemeng ze moderniséieren

Sou hätte mir gär datt et an Zukunft méiglech soll sinn eng Demande fir e Sall oder eng Autorisatioun online unzefroen, sech an e Sports oder Loisir's Cours anzuschreiw an och de Suivi vum Dossier um selwechte Wee ze verfollegen.

Sämtlech Manifestatiounen vun de lokale Veräiner souwéi och vun aneren Organisatiounen wou d'Leidelenger Leit en Interêt drun hunn, solle mat genauen Informatiounen um Site ze fanne sinn.

Och soll de Bierger via Newsletter iwwer all zukünfteg Chantieren, Changementer vun de Buslinnen, Zuchhorairen a.s.w. informéiert ginn.

De Bierger muss och d'Méiglechkeet kréien "online" an ouni groussen Opwand via Smartphone e Problem ze mellen, wéi z.B. eng futtis Stroosseluucht oder öffentlech Poubellen déi net eidel gemaach goufen. Wëschenswäert wär an deem Kader och en SMS Feedback zu all Signalisatiounen.

Patrick Calmus

Laut engem Gesetz vun 2004 muss all Gemeng hire Plan d'aménagement général (PAG; allgemenge Bebauungsplang) aktualiséieren.

Den Inneminister Dan Kersch huet rezent de Stéchdatum fir dëst ze maachen eng fënnefte (!) Kéier verlängert, dëst well iwwer 60 Gemengen, dorënner och Leideleng, nach ëmmer keen neie PAG hunn. Zu Leideleng gëtt schonns säit Joren un deem Dossier geschafft. Vu datt eis Gemeng nëmmen aus zwee Deeler besteet an och wesentlech manner komplizéiert opgebaut ass, wéi verschidden aner Gemengen, muss een sech d'Fro stelle firwat et net viru geet.

Eng Gemeng wéi Jonglënster déi aus 12 verschidden Uertschafte besteet an z.B. zu Buerglënster vill Opwand a punkto Denkmalschutz bedriewe muss, huet hire PAG schonns an d'Prozedur eraginn.

De Leidelenger PAG staamt aus dem Joer 1937 an entsprécht net méi de modernen Ufuerderungen. Nëmme mat engem neie PAG kann eis Gemeng

sech adequat entwéckelen. Z.B. sinn d'Unzuel u Parkplazen déi en neie Betrieb an der Aktivitéitszon geneemegt kritt oder awer déi erlaabten Héicht vun de Wunnhaiser wichteg Gréissten déi am neie PAG anescht definéiert kënnen ginn, fir esou d'Entwécklung vun der Gemeng an déi richteg Richtung ze steieren.

“Et muss een sech d'Fro stelle firwat et net viru geet”

De Schäfferot wëllt den neie PAG bis Enn des Joers op den Instanzewege bréngen. Duerno muss een domadder rechnen, datt während deenen néng Méint wou de PAG an der Prozedur ass, keng nei Baugeneemegungen ausgestellt ginn. Et wäert deemno nach e bëssen daueren, bis och Leideleng endlech vu sengem neie PAG profitéiere kann.



Am Abrëll huet de Schäfferot eis de Plan pluriannuel de financement virgestallt, en Instrument wat de Gemengen hëllef soll finanziell laangfristeg ze plangen.


Duerch d'Gemengefinanzreform kritt d'Gemeng Leideleng e wesentlech méi klengen Undeel un der Gewerbesteier wéi an der Vergaangenheet. Och falen d'Kompensatiounsmaasures, déi dofir

suerege sollen, datt keng Gemeng no der Reform méi schlecht ewech kënn, an nächster Zäit ewech. Laut Projektion wäerte mer an deenen nächste Joren de Problem hunn, datt am ordinäre Budget eis Depense wesentlech méi séier klamme wéi eis Recetten.

Den ordinäre Budget garantéiert de Fonctionnement vun enger Gemeng. Gréisser Projete wéi

beispillsweis den neie Shared Space, ginn iwwert den extraordinäre Budget finanziert. Dëse gëtt engersäits méttels extraordinäre Subside vum Staat an anerersäits mam Iwwerschoss aus dem ordinäre Budget gespeist. Eng weider Méiglechkeet wier Scholde maachen, mee och hei ass de Spillraum begrenzt, well de Scholdendéngscht aus dem ordinäre Budget muss finanziert ginn.

Rezent huet d'Gemeng um Verwaltungsgeriicht e Prozess géint d'Steierverwaltung gewonnen a wäert doduerch eng gréisser Zomm vum Staat zeréckkréien. Mee laangfristeg komme mer net ëmmer eis Gedanken ze maache wéi mer eis Recette steigere. E staarke Bevelkerungswuesstem wier eng Léisung, eng Fusioun eng aner. Fir vill Diskussiounen ass deemno gesuerget.





Patrick Calmus Eis Schoul am digitale Beräich op den neieste Stand bréngen

Foto: Shutterstock.com

Direkt an der éischer Gemengerotssätzung no de Wahlen hu mer eng Motioun agereecht, déi de Schäfferot opfuerdert e Late Night Bus aus der Stad op Leideleng anzeféieren. Dëse Bus soll all Freides a Samschdes vun der Stad op Leideleng fueren, jee weils um 1:30 an um 3:30 Auer.

Vill Leidelenger Leit si Weekends an der Stad ënnerwee an hunn de Moment leider net d'Méiglechkeet op e Late Night Bus zeréckzegräifen, deen si sécher heem bréngt, e Service deen a villen anere Gemengen ugebuede gëtt.

Aktuell gëtt et just d'Méiglechkeet e Nightrider, den eegenen Auto oder en Taxi ze huelen. De Nightrider gëtt, an dat ass eng gutt Saach, vun der Gemeng subventionéiert, mee et muss een an der Reegel schonns zwou bis dräi Wochen am Virus buchen, soss ass en ausgebucht. Soulaang am Virus weess ee meeschtens net, op ee Weekends eraus geet oder net.

Fir d'Käschten niddreg ze hale kéint een dëse Service och mat enger vun den Nopeschgemengen organiséieren, wat d'Fraise fir d'Gemeng Leideleng op ronn 20.000€ pro Joer drécke géif.

Am Gemengerot hu mer eis drop gëeent, dass zesumme mat deene Jonken aus dem neie Jugendkonvent Leideleng e Konzept fir esou e Bus ausgeschafft gëtt an och d'Jugendkommissioun soll hiren Avis dozou ofginn.

Mir fuerderen, dass de Late Night Bus schonns am Budget 2019 dra steet, fir dass net nach e Joer Zäit verluer geet. Eis Gemeng muss hire Bierger eng gutt Méiglechkeet bidde fir sécher heem ze kommen. Mir dierfen net waarde bis d'Kand am Pëtz läit.

Zu Leideleng si mer de Moment net op der Héicht wat den Equipement vun eiser Schoul a punkto digitale Medien ugeet. Dëst geet aus enger Äntwert vum Schäfferot op eng schrëftlech Fro vum Patrick Calmus ervir.

Mir mussen eis als Zil setzen, dass all Schüler d'Méiglechkeet kritt fir mat Hëllef vun den digitale Medien, d'Erausfuerderunge vu sengem schoulesche Parcours ze meeschteren. Dofir brauche mir eng Infrastruktur an de Schoulgebäier an an der Maison Relais déi dat och zouléisst.

*“All Schüler muss
d'Méiglechkeet
kréien fir mat
Hëllef vun den
digitale Medien,
d'Erausfuerderunge
vu sengem*

*schoulesche
Parcours ze
meeschteren”*

Och de Schäfferot gesäit dat esou. Konkret heescht dat, dass all Schüler Zougang zu engem Tablett kritt an sech iwwer Wifi déi Contenten um Internet beschafe kann déi e fir seng Aarbechten an der Schoul brauch. Weiderhi sollen och all eis Kllassesäll mat engem Beamer equipéiert ginn. Déi vereelzten Technologie vum Overhead gëtt endlech ersat.

Mee net nëmme d'Schüler sollen heimadden besser op d'Erausfuerderunge vu muer preparéiert ginn, dëst wäert och den Enseignanten hir alldieglech Aarbecht erliichteren, a si kënnen sech méi individuell mat deenen eenzele Schüler beschäftegen. D'Formatioun vun den Enseignantë fir déi digital Medien an der Schoul richteg anzusetzen dierf net ze kuerz kommen.



Lou Linster D'Aféierung vum Late Night Bus dierf net méi ze laang op sech waarden loossen #WouAssDeRaoul

Foto: Shutterstock.com

Wéi ee Leideleng optimal un de Vel'oh's-Reseau uschlësse kann



Am Abrëll huet ZfL eng Motioun lancéiert déi de Schäfferot opfuerdert sech dofir anzusetzen, dass d'Gemeng Leideleng un de Vel'oh's-Reseau vun der Stad Lëtzebuerg ugeschloss gëtt.

Mir hunn eng Rei Plaze proposéiert wou een an enger éischer Phase Vel'oh's-Statiounen opstelle kéint (vun der Gemeng iwwert d'Zéissenger Strooss laanscht d'Aktivitéitszone bis op de Kuelebiërg). Esou kéint eiser Meenung no eng effikass Verbindung tëscht dem Zentrum vum Duerf an Zéisseng an domadder der Stad geschafe ginn.

Während der Diskussioun huet de Schäfferot erkläert, dass een sech am Syndikat DICI schonns dozou bekannt huet fir sech un de Vel'oh's-Reseau unzeschlëssen.


*“Mir mussen
sécherstellen, dass ee
mam Vel'oh schnell
vu Leideleng an
d'Stad ka fueren”*

De Schäfferot huet awer dunn refuséiert iwwert dës Motioun ofstëmme ze loossen, mam Argument, dass een dat net ze maache bräicht, well een sech schonns zu der Aféierung vun deem System bekannt huet a sech fir d'éischt wëll berode loosse wat den Emplacement vun de Statiounen ugeet. Et wëilt een net elo schonns eppes refuséieren, wat een herno vläicht awer ëmsetze géif.

Eis véier Vertrieeder hunn doropshi méi ewéi eemol kloer an däitlech gesot, dass mir trotzdem iwwert dës Motioun ofstëmme wëilten. Mir sinn der Meenung, dass iwwert all Motioun, där hire Sujet an der Kompetenz vum Gemengerot läit, ofgestëmmt muss ginn, esou wéi d'Gemengesetz dat virgesäit. De Schäfferot huet weiderhi refuséiert doriwwer ofzestëmme.

Den Droit d'Initiative deen all Conseiller huet, ass e wäert- a sënnavollt Instrument fir sech och als einfache Conseiller aktiv fir seng Gemeng asetzen ze kënnen a konkret Virschléi ze maachen. Dëst Recht muss respektéiert ginn.

Jean-Pierre Roemen




Jean-Pierre Roemen

Eng adequat Beliichtung
schléisst eng Reduzéierung vun
der Liichtverschmutzung net
aus

#MaachMengLuuchtenUn

Nei Tram-Streck vun der Stad bis op Esch: Eng Chance fir Leideleng



D'Verlängerung vum Tram bis op Esch laanscht Leideleng, esou wéi rezent vum Premier Xavier Bettel ugekënnegt, ass e wichtegt Element fir den Duerchgangsverkéier an eiser Gemeng ze reduzéieren.

Zu Leideleng schaffe méi wéi duebel souvill Leit wéi hei wunnen, wouvunner e Groussdeel mam Auto kënnt. Den Tram géif et vill méi einfach maache fir mam öffentlichen Transport op Leideleng schaffen ze kommen, mee och fir d'Leidelenger Bierger wier den Tram eng komfortabel Méiglechkeet fir an d'Stad oder an de Süde vum Land ze kommen. Et géllt awer drop opzepasst, datt genuch Opfänkméiglechkeete fir Autoe laanscht d'Streck geschafe ginn.

Den Notzer muss d'Méiglechkeet kréien op kuerzem a sécherem Wee vum Arrêt bis op seng Aarbecht an zeréck ze kommen. Hei wier eng Kombinatioun mam Vëlolocatiounsservice Vel'oh eng méiglech Pist.

An enger Motioun huet ZfL de Schäfferot opgefuerdert dese wichtige Projet am Aen ze behalen an de Gemengerot regelméisseg ze informéieren. Dës Motioun ass unanime uegholl ginn, de Gemengerot steet deemno hannert diesem Projet.

Patrick Calmus

Leideleng brauch e Plang deen definéiert wéi mer an deenen nächste Joren a Joerzénge (well mer jo och nach wuesse wëllen) eis Stroossebeliichtung an d'Beliichtung vun den öffentlichen Gebaier, wéi z.B der Kierch, der Gemeng an dem Waasserturm openeen ofstëmmen an optimiséieren. Dat Ganzt soll harmoniséieren, d'Sécherheet soll erhéicht an d'Liichtverschmutzung reduzéiert ginn. Dëst Thema ass ëmsou méi aktuell, well déi ganz Stroossebeliichtung de Moment no an no op LED ëmgestallt gëtt.

An enger Motioun huet ZfL de Schäfferot gefrot fir dem Gemengerot en Devis ze presentéieren vun esou engem Lichtmasterplan.

LED ass d'Zukunft. Net nëmmen hunn LED Luuchten eng vill méi laang Liewensdauer wéi normal Luuchten, mee richteg agesat schoune se

d'Ëmwelt, well se just do beliichte wou d'Luucht och gebraucht gëtt.

Och wann d'Majoritéit net vun der Necessitéit vun engem Lichtmasterplan iwwerzeugt ass, esou wäert gepréift ginn op et méiglech ass d'Stroossebeliichtung zäitweis ze dimmen, evtl. a Kombinatioun mat engem Bewegungsmelder. D'Luuchten liichten an deem Fall just da mat 100% wann se och gebraucht ginn, soss mat 50% oder manner.

Dës Technik ass zu Lëtzebuerg nach net wäit developpéiert mee am Ausland sinn eng Partie sou Projekte mat Succès ëmgesat ginn. D'Thema bleift deemno aktuell.



Marcel Jakobs

En Agent municipal an e
Bannhiddler ginn dringend
gebraucht zu Leideleng

Am Mäerz huet de Schäfferot virgeschloen een Agent municipal (AM) anzestellen fir de Parkproblem an de Grëff ze kréien an deen neie Parking résidentiel ze kontrolléieren. Mir waren der Meenung et wier gutt dem AM och direkt d'Kompetenz vum Bannhiddler (garde champêtre) ze ginn.

De Bannhiddler huet méi Kompetenze wéi den AM, dat souwuel am Duerf wéi op der Gewaan. E ka méi villsäitig agesat ginn an huet och Police-Gewalt, wat en AM de Moment nach net huet.

Ee Bannhiddler beispillsweis däerf och de Propriétaire vun engem Hond deen d'Hannerloossenschaft vu sengem

Déier net opreeft oder déi Leit déi illegal Dreck dorëmmer deponéieren sanktionéieren. Weiderhi kann en Chantieren, Terrassen oder d'Anhale vun der Nuetsrou kontrolléieren. De Moment ass zu Leideleng d'Police fir déi Saachen zoustänneg, déi awer verständlecherweis aner Prioritéiten huet. En AM huet just Kompetenzen am Beräich vum lokale Verkéiersreglement.

Eis Motioun ass ofgelehnt ginn, mam Argument et wéilt een dem AM eréischt no enger bestëmmter Proufzäit d'Kompetenz vum Bannhiddler ginn. Mir fuerderen datt dës sou séier wéi méiglech gemaach gëtt, nodeems en agestallt gouf.

Är Verrieder am Leidelenger Gemengerot

 Zesumme fir Leideleng
www.zesummefirleideleng.lu



Marcel Jakobs

63 Joer,
Staatsbeamten a.P.
marcel.jakobs@leudelange.lu

Patrick Calmus

50 Joer, Enseignant
am Secondaire
patrick.calmus@leudelange.lu

Jean-Pierre Roemen

21 Joer, Droitsstudent
Kandidat fir
d'Chamberswahlen
jean-pierre.roemen@leudelange.lu

Lou Linster

26 Joer, Ingenieur
lou.linster@leudelange.lu